**Section Masters/Vétérans des pêcheurs sportifs**

Bericht vun der WM aus Spuenien an der Kategorie Masters 2026

Dës 8ten Weltmeeschterschaft an der Kategorie Masters déi dëst Joer vun der spuenescher Federatioun organiséiert ginn ass, ass zu Fortaleny ausgedroen ginn, net wäit vun der Groussstad Valencia ewech. Geféscht ass ginn am Floss Júcar, een 500 km laangen Floss an Ost Spuenien. Dësen relativ groussen Floss bréngt der Agrarlandschaft an dëser Géigend vill Waasser. Ugebaut ginn haaptsächlech Zitrusfriichten an Räis. Et war och an dësem Gebitt wou am Oktober 2024 déi grouss Héichwaasserkatastrophe wor. De Floss ass deelweis iwwer d'Ufer getrueden an zu Cullera sinn an diversen Quartier 'en Läit evakuéiert ginn. Leider sinn deemools och vill Mënschen gestuerwen.

D'Equipe huet aus den Fëscher Mich Burais, Gasty Wiesen, Marc Brandenburger, John Grün an mir selwer bestan. D'Viviane Schmitt war offiziell als Coach mat, an d'Anouk Wilmes huet assistéiert. De Fern Metzger war Delegéierten. Net ze vergiessen den Dan Wilmes, deen d'Equipe och ënnerstëtzt huet. Als Supporter waren dann och nach d'Viv, dem Mich seng Fra, d'Christiane an dem Gasty seng 2te Halschend derbäi.




Laang am Viraus hu mir dann och eis Ënnerkunft an engem schéinen Haus zu Cullera fond. Et waren zwar all Dag eng 20 Km zu deenen verschiddenen Secteuren ze fueren, mee de Verkéier fir an enger Vakanzeregioun wor an sech nach als moderat ze gesinn.

Samsdes si mer am Laf vum Dag ukomm, an mol direkt ob Platz gefuer fir eis en éischten Iwwerbléck ze verschafen iwwer déi verschidden Secteuren. 2 vun deenen Secteuren, C an D, loungen zu Fortaleny selwer flossofwärts. Secteuren A an B dann eng 2 km ausserhalb vun Fortaleny dann flossobwärts. Ofgefall ass direkt dass d'Breet vum Jùcar an den Secteuren ënnerschiddlech waren. Am Duerf selwer war et relativ schmuel mat net méi ewéi 30-40 Mete,r an ausserhalb awer schonn gutt 80 Meter breet.

Sonndes si mer dann ob Streck gefuer fir eisen 1ten Training. De Mich an de Gasty haten sech ofgemellt well se den Dag virdrun eréischt spéit an der Nuecht an hirem Hotel ukomm sinn. Esou hu mer dann zu 3 Fëscher trainéiert. Mir souzen am Secteur C Box 9. Boxen waren relativ grouss esou dass mer och genuch Platz haten. Et war relativ komplizéiert fir déi éischt 2 Stonnen en éierbaren Fësch ze fänken. D'Blénkerten stoungen esou massiv um Fudder dass de mol iwwerhaapt net ob de Fong komm bass fir kennen eng propper Fëscherei ze maachen. Fudder, ee Mix aus Carpe fine, Gialla oder Carpe fine an Gros Gardon ass mat Buedem beschwéiert ginn. D'Mueden si futti gemaach ginn fir an d'Fudder, respektiv sinn Mueden gekollt ginn. Mais koum och zum Asaz. Mee alles dat sollt sech am Laf vun der Woch änneren. Um Enn vum Training loungen d'Gewiichter tëschent 3 an 5 kg. Haaptsächlech kleng Kärpecher an Karauschen bis 500 gr. An och mol mei ee schéinen Fësch deen den John gefaangen hat. Dat Meescht ass dann och zum Schluss mam Mais um Krop gefaange ginn.



Wat awer erwäänt ka ginn ass Follgendes: mir wossten dass den Accès fir bei Waasser net deen einfachsten wier ob dëser Streck. Ob Youtube konnt een masseg Videoen fannen, mee datt et esou beschwéierlech wier, domat hat keen gerechent. Déi Trapen fir erof waren dann och esou géi wéi mer geduecht hunn, an wéi mer et ob den Biller gesinn haten. Et war och nëmmen ob all 5te Platz esou eng Trap fir erof. Zousätzlech zu deem Geklamms ass d'Hetzt dat gewiescht wat den Fëscher et erschwéiert huet déi ganz Woch iwwer. Temperaturen loungen duerchschnëttlech ëm déi 38 bis 42 Grad. Mëttwochs war den Thermometer am Auto esouguer kuerz ob 50 Grad geklommen (ausserhalb). Et war eng Masters WM, den Alter geet do bei 55 Joer un! An et waren der vill derbäi déi no bei 65 Joer sinn. Also a sech vun der CIPS eng Zoumuddung wann een éierlech ass.

Méindes dunn hu mer eis Platzen an der Box 5 Secteur B besat. Mir waren als Equipe komplett an hunn dann och esou munches probéiert. D'Bordure an och 11,50 Meter Distanz. Wéi mer d'Waasser gemooss hunn, ass awer net schlecht gestaunt ginn. 5,5 Meter ënnert der 11,50 Meter Spëtz. Huet dunn mol geheescht dass Monturen hu missten verlängert ginn. Fësch sinn och gefaangen ginn, an awer wossten mer dass mer nach ëmmer net deen richtegen Wee fond haten. Mee mir waren ons all eens, dass d'Fëscherei mat den gekollten Mueden respektiv Mueden am Fudder net vill brénge kann. Idem mat de Wierm. Ze vill Blénkerten waren ob der ganzer Streck.

Dënschdes an der Box 2 Secteur A. Dëse Secteur wéi och dee Secteur vum Dag virdrun war vum Zougang hier besser ze erreechen wéi an de Secteuren C an D. D'Mauer war mat ëm déi 3 Meter relativ niddreg an fir Trapen erof war dat och net grad esou geféierlech. Just dass d'Mauer bei d'Waasser awer relativ nobäi

stoung. Fir ze deboitéieren huet ee missen d'Staang dann extrem héich hiewen. d'Waasserdéift war dann am Verglach zum Dag virdrun nach eng Kéier 1 Meter méi. Well de ganzen Floss relativ moderat bis null Zoch hat, konnt een mat Gewiichter bis 3 Gramm gutt auskommen. Fësch sinn dann och méi gefaange ginn wéi déi Deeg virdrun. Mir sinn, wat Fudder ubelaangt, wéi och de Köder fir un den Krop, ëmmer méi zu enger Strategie komm. dass wann en Köder an Fudder sollt kommen, dat nëmmen geschnidden Wierm wieren, an fir de Krop just nach Mais gefëscht sollt ginn. Eventuell och mol de Wuerm probéieren. Mee den Blénkert huet awer nach ëmmer ze vill um Fudder gestan an huet immens Feeltouchen provozéiert.




Dënschdes owes war dann och d'Ouverture mat deem üblechen Programm, Cortège duerch Duerf bei 40 Grad. An dann awer am klimatiséierten Centre culturel déi üblech Rieden vun den Offiziellen.

Mëttwochs si mer fir den leschten Training dann an den Secteur D an Box 11 gefuer. D'selwecht Bild wéi all Dag. D'Geschier ënnert d'Äerm an 15 Trappen erof bei d'Waasser. Mëttwochs war dann och deen wäermsten Dag. Mir haten festgehal wéi gefëscht sollt ginn. Haaptsächlech geschredderten Mais am Fudder an keng Mueden an och keng Wierm um Depart. D'Fësch sinn ob der Bordure gefaange ginn, wéi och ob der laanger Distanz. Gewiichter loungen tëschent 6 an 13 Kg deen Dag. Duerno direkt alles preparéiert a gepaakt fir Donneschdes deen éischten Kompetitiounsdag.

Donneschdes si mer nodeems d'Viv eis d'Secteuren mat den Stänn ginn huet ob eis Platzen gefuer. Elo kënnt dee Moment wou ech net mei fir meng Teamkomeroden kommentéieren kann. Ech war nëmmen bei mir ob der Platz (C4) an hat domat genuch ze dinn. Déi 1te 15 Minutten hunn ech de Blénkert gefëscht, hat der 50 Stéck, mee déi waren och nees schnell fort. Hunn et dann awer iwwer déi laang Zäit fäerdeg bruecht en puer éierbar Fësch ze fänken. Meng Chance war, dass méi een schéint Exemplar vun engem Kaarp un der Bordure ugebass hat. Eng ¾ Stonn virun Schluss sinn dann awer vun hannen extrem Wolleken ofgezunn. Vu Wäitem hues de et och schonn héieren donneren. Kuerz Zäit duerno stoung dat Onwieder iwwert eisen Käpp, mat Donner an Blëtz, an jiddereen huet sech gefrot vir wat net ofgebrach gëtt. Et ass e fuerchtbare Reen erofkomm. Déi éischt Saachen sinn an d'Waasser geflunn, respektiv waren och schonns déi éischt Prabbelien ab. Ech hunn direkt meng sämtlech Kitten vun der Staang erop gedroen fir déi schützend hannert den Auto ze leen. Et war en Onwieder wei ech et nach ni bei engem Fëschen erlieft hat. Wandspëtzen bis 145 km/h hunn iwwert eis geblosen. Mir haten nach Chance ënnert dem Duerf ze sëtzen. Do waren mer e bëssen geschützt wéinst der héijer Mauer, a wéinst dem Duerf. Mee d'Fëscher an de

Secteuren A an B hunn ellen gelidden. Do sinn esouguer d’Fëscherkierf an d’Waasser geschleidert ginn. Beim däitschen Kolleeg, dem Marco Beck, an och bei engem Englänner stoung näischt mei um Stand. Och bei eisem John waren vill Saachen an Waasser geblose ginn. Et war schrecklech. Gott sei Dank ass awer kengem eppes geschitt.

D’Ofweien ass dann och nach mei spéit virgeholl ginn. Follgend Secteurplatzen sin vun eise Fëscher komm: 3, 6, 8, 13 Punkten. Domat waren mer déi 8te am Team Klassement nom éischten Duerchgang.



Freides 2te Manche. Dës Kéier um C12. Mir sinn moies beim Waasser ukomm an hunn erstaunt missten feststellen dass den Jùcar un Waasser bäigeluecht hat. D’Faarf hat changéiert an Fléissgeschwëndegkeet hat och geännert. Also Mond ofbotzen, ofriichten an mol 2 schwéier Monturen gebastelt. 15 an 20 Gramm. Bei den Noperen hues de iwwerall dat selwecht Bild gesinn. Well iwwerall Blénkerten extrem an Schwäerm stoungen, hunn ech schnell meng Vipstaangen dohin geluecht an en plus 1 kg Ablette orange mat Tracix rouge gemëscht. D’Manche ass ugaang an ob sämtlechen Stänn ass just ob den Blenkert gefëscht ginn. No der Halschend vum Duerchgang huet D’Viv mer matgedeelt dass ech héchstens an der Mëtt vum Klassement leien géif. Do waren e puer wierklech Spezialisten um Wierk wou een null Chance hat mam Blénkert mathalen ze kennen. Firwat, dat weess all gudden Fëscher doheem. Villäicht hätt ech do de Courage sollen huelen an ob der 5 Meter Distanz direkt hannert der Kant ze probéieren fir Kaarpen ze fänken.

No dem Ofweien hunn ech dann wierklech missten feststellen dass ech mat 920 Blénkerten mat engem Gewiicht vun 8600 gr. nëmmen deen 8ten am Secteur war. Ech war zefridden mat menger Leeschtung, awer fierchterlech enttäuscht vun menger 8. Platz. Den Recht vun der Equipe, ausser den Marc mat 4 Punkten, huet dann och 12 an 13 Punkten gemaach. U wat et geleeën huet? Jo, et hätt een besser kënnen ofschneiden. Mee ech mengen awer dass mir weit vun deenen beschten Natiounen ewech geréckelt sinn. Egal.

Mir hunn Käpp awer net hänken gelooss, dofir war d’Aarbecht déi, déi ganz Woch geleescht ginn ass, awer ze gutt. Mat neiem Elan si mer dunn an den drëtten Dag eran gaang.

Direkt ze erwänen ass dass eise Gasty mat enger super Leeschtung säi Secteur A gewonnen hat. An dat mat 14060 Gramm. Respekt un dech. Ech selwer souz am Secteur B Stand 12. Déi meeschten Fëscher bei mir hunn och ob de Blénkert ugefaangen. Hunn awer fir mech kloer gesot, nodeem ech vum Dag virdrun Resultater ob deenen Stänn gesinn hunn, decidéiert de Blénkert iwwerhaapt net ze fëschen. Hunn och an der éischter Stonn kënnen e puer Fësch fänken. No 1 1/2 Stonn hunn ech dunn awer méi e schéinen Kaarp ukritt wou ech och 20 Minutten amgaang war fir en endlech kënnen ze kescheren. En hat schätzungsweis em déi 7-8 kg. Hunn och weider konzentréiert gefëscht an awer sollt et nëmmen fir eng 2te Platz am Secteur duergoen. 14110 Gramm waren dann trotz allem ganz Ok. De Marc mécht den drëtten Dag eng 8te Platz mat Ufanks Blénkerten an dunn och e puer méi schéin Fësch. De John leider 12 Punkten. Mam Gesamtresultat vun deem drëtten Duerchgang konnten mer eis dann als 9te Platz am Gesamt Klassement klasséieren.

Am Endeffekt dierft d'Equipe mat dem Resultat an sech net zefridden sinn. An awer wéi schonn ëfters erwäänt si mer wäit ewech vun deenen Beschten. Mir wëssen all, dass mer schonn laang net méi déi richteg Gewässer hunn fir eis nees ob vill verschidden Fëschereien besser kënnen ze spezialiséieren. Nach feelt et eis un Jugend déi iergendwann eis Ierwen iwwerhuelen kéint. Respekt dann awer dass mer dëst Joer mol nees eng Equipe Jonker ob der U20 Weltmeeschterschaft haten. Zesummen mussen mer doheem nees all eis d'Fro stellen, wëlle mer et net awer besser maachen oder soll et dat elo gewiescht sinn. Wann et soll weidergoen. da geet dat awer nëmmen am Kollektiv. Wat meng Meenung ubelaangt, déi kennen déi Meescht vun mengen Frënn. Dofir een Apel, mir sinn sécher besser wéi Resultat et bal all Kéier opweist.

Resultater vun der gesamter Weltmeeschterschaft kënnt der um Site vun der FLPS an bei eisen Frënn vum Fëscherclub Kirchbierg nokucken. Um Banquet Samsdes owes hu mer dann och gesinn, dass Spuenier een gudden Gastgeber waren. De Banquet konnt ee schonns bal als komplett gelongen bezeechnen. Eng flott Präisverdeelung zesummen mat den Damen déi och hier Weltmeeschterschaft net weit vun den Masteren ausgedroen hunn. Den Aussoen no vun eis all um Dësch war awer ze héieren, dass et eng flott Weltmeeschterschaft war. Aleng duerch d'Hëllef vun de Leit hannendrun haten d'Fëscher selwer vill méi Zäit sech ob hiren Training kënnen ze konzentréieren. Dann och vun eis all een groussen Merci un D'Viv, als Coach huet hatt all Dag dofir gesuergt dass et um Waasser geklappt huet. Och hu mer Owes an Sitzungen zesummen iwwert den Dag geschwat, a festgeluecht wat um Training geännert kéint ginn. Zesummen mam Anouck hunn se allen zwee och dofir gesuergt dass den Dësch gedeckt war, d'Akeef gemaach an fir eis gekacht. Frësch Köderen all Dag um Waasser wou déi zwee zesummen sichen gaangen sinn an preparéiert hunn. Zesummen mam Dan an dem Fern d'Köderen moies opgedeelt. Den Dan an de Fern hunn vill gehollef beim Geschier schleefen, wat och fir déi zwee mat den héigen Trappen net einfach war. Jiddereen hat seng Aufgab. Nach eng Kéier vu mir een groussen Merci un Iech all, mir waren eng flott Equipe an dat Wichtegst, ech hat ni d'Gefill wärend der Woch dass d'Laun géif kippen, aleng déi Strapatzen mat Hetzt an Onwieder huet keen aus der Rou bruecht.

Wéi ëmmer zum Schluss en Merci un all déi wou eis ëmmer ënnerstëtzen. Sponsoren vun der Sektioun, un Sensas déi eis een Deel vum Fudder gesponsert hunn, merci dem John vun der Assurance Lalux fir säin generéisen Don. Merci och nach eng Kéier un Begleeder, déi en deel Käschten an Strapatzen an d'Rees ob sech geholl hunn fir d'Fëscher ze begleeden. Merci och nach un den Sportsministère deen mat engem Congé Sportif Ënnerstëtzung gewisen huet. Och een Merci un all déi Donateuren déi eis Fëscher ob den Lëschten ënnerstëtzt hunn.




Fernand Schmitt